DE FREIE LETZEBURGER

# ONS HEMECHT

LPL

OFFICIELLT ORGAN VUN DER LPL

Verantwortlëche Redacter: Dëngens Dömmy. Dréck a Verlag: 57, Pietrebouleverd, Lötzeburg.
Ennert dem Protectorat vum Gauleiter an dem [illegible] vum Mouvement
Direkt Verbindong o'ni Drot mat London, New York, Moscou, Tschungking.

So' secher [illegible] Bierger wénken
Kënnt d'[illegible] Dag ons bleiwen

Nr.54. I.Sept.I944.

BG 192

## Dem Hitler seng Kultur.

Virum Krich do huet den Ustreicher den Apostel gemét, all Vollek ass ageluede gin, zur Union an zum Frieden, fir én no dém aner kenne besser z'iwerfâlen an z'ennerdreken.

Kraft vor Recht, dat wôr seng Natur, mé dé Mann dén déclaré'ert hat d'Kraft ass d'Recht, dat wôr é falsche Profét.

Bei uns oder mir aner Deitscher, dat wôr sei Refrain, dat hâte si allzeit am Monn. Bei uns d'Schénhét, de Genie, d'Krâft, d'Eer, an allzeit d'Welt ze régé'eren hirt Recht. Mam Stiélen, Râben a muerden, an hir extra Bestechlechkét domat hu sie eng Kultur gemét, dat wôr Neuordnung vu de National-zozialisteschen-sadisteschen Uebermenschen.

Dé Leit, dé jé geglêwt um Hitler sei Frieden'sen, dé hâten de Gésch esoû krank ewi schwâch, oni Energie an oni Gedanken. An dé Leit hu sech selver verluer an hun et och verdengt, ewell de Preiss lid oni et sewer ze wessen, à glêwt seng Lige selwer.

D'Preisen sin voll Vertu'en, d'Form vun hire Käpp an Hälz (ewi d'Schwein) an hirt pur aresch Blud dat Beweisst et, mé esoû lang wi hir Globulen net ganz greng sen ass neischt ze man.

A sengem Buch, den totale Krich, do huet de Lundendorf geschriewen, nid nemmen d'Zersté'erong vum Feind senger Armée, mé d'Zertrummerong vu ville Länner oni de Krich ze déclaré'eren.

E Land iwerfall bei der schénster Nuecht, dat wôr hir Kultur, dat de Wand sech kennen dré'en, dorun hu sie net geduecht, sie wôren hirer Sâch secher.

Ass de Preiss Sieger, dann ass kén dén et besser kennt ewi sie. fir de Besiegten z'ennerdreken a so'en mat der gré'sster Justice, a grunzen derbei ewi d'Schwein vu Fréd, ké kennt et besser ewi sie fir dém aner dé lescht Dreps Blud erauss ze pressen, ass de Preiss verluer, da behällt hie

op eng gewesse Mané'er nach emmer d'Iwerhand,etass ké Land dat ka kreichen om Buôdem wi én einfache Re'wuerm à sech arséleg man wi en arsélege Héschesâck,,ewi sie.

Fir si huet et gehésht ons aner de Moral ze ruiné'eren à kurzer Zeit,Dôd'schloen an zu·gleicher Zeit Musique man am gewé'mertz vu onse Martyrer.

Hir barbaresch Kultur huet hinnen dach net erlabt zu hirem Zweck ze kommen,haut fré'ssen d'Wëlleff sech enner sech.

Et muss dem preissesche Vollek bewiese gin dat den Ustreicher vun onser Herrgott gescheckt ass,fir kenne bis zum leschte Moment,de leschtëng dèitsche Jong of muergsen ze lôssen.Reichstag an Attentat,dat alles géht zesummen,et héscht bei hinnen,hiren Go'd auss ze setzn vun engem Dag op dén aner,duerfir ass all Trick an Neischnotzeg'két gud fir d'Enn an d'Längt ze zéhen.

Mè wât am ganzen de Preiss ugéht,den Ustreicher huet des Ké'er hir Kultur esoû beklascht,dat et genuecht fir allzeit hire stolzen barbaresche Orgeuil ze bréchen,ewell etass ké Land dat gewollt huet vu hirem Facadeklascher mat senger extra ultra Kultur

ØØØØØØØØØØØØØØØØØØØØØØØØØØØØØØØØØØØ

An enger preissescher d'Zeidong do stéht ze liésen ;

Eine von meinen schönsten Villas stéht zu verkaufen,gelegen bei Brussel,prachtvolle garten anlage mit orientalischen Lampions.
Beste Kapitalanlage.
Dringend,da Aussreise nach Nimmerwiedersehn.(wô ass dat)
Sich wenden Dekesch Jonny.Diekirch.
( soll dén ons duerech d'Bascht go'en,dat wär nawell schued)

//::::::::::::::::::::::::::::::::::::://

Nach ëmmer sin Letzeburger,dé durech hirt domm d'Maulen à bretzen activ Patrioten an d'Gefohr brengen,soll dat net ophâlen,da bleiwt ons neischt anescht iwerg hinnen d'Maul sever ze stoppen.

---

Erauss mat de Preisen,de Veräter an de Krichsprofitler.

.....................

Durech Decret mussen all an der leschte 50 Jo'er bewelegt Naturalisationen vun deitsche Birger a verdächtigen aneren Ausslänner opgehuove gin a si sämtlech sofort auss dem Land auss weisen,mat Aussnah vu Perso'nen di sech dem Land géniwer besonnesch loyal behol hun, wueriwer a jidder énzelne Fall ennersicht soll gin.

Ons Verwaltongen leiden enner dem Iwelstand vun enger zu gro'sser Za vu Beamten dé net vun 100 p.c. letzeburger Ofstammong sen.Dat huet sec elo am Krich bewiesen.De Princip ass durech zefé'eren,dat nemme Letzeburger,dénen hir Gross eltern gebuore Letzeburger wôren als Beamt kenne figuré'eren.

D'Haptverräter dat sin d'Landes leiter mat allen Amstleitern vun de V.D.B.d'Membere vun NSDAP.-S.A. d'Jugendfuhrer,d'Krichsfreiwelleg vu letzeburger Nationalitét,d'Dénunciänten an aner activ Collaborateuren

vum Feind.
Déne soll op d'mannst d'letzeburger Nationalitét entzunn,sie selwer auss dem Land gesto'es an hird Vermégen confikké'ert gin,niewend de Strôfen dé sie nôm Code pénal virun de letzeburger Gerichter verwirkt hun.

Iwer dé am Aussland usässeg Letzeburger,dé mam Feind collaboré'ert hun entschéd é besonnere Jury dén vun der Régirong ernannt soll gin.

Déjénech dé an der Gestapo matgewirckt hun oder duerech hir Schöld d'Arrestation an den Do'd vu Letzeburger Patrioten verschellegt hun,dé mussen all dru gléwen," Die strenge aber gerechte Strafe ".Vill kré'en d'Zeit net vir bis op d'Gericht ze kommen,dat ass dem Vollek seng Sâch.

Sie dro'en d'Schold un all der Misére enner dér hir onglecklech Matbierger leiden oder gelidden hun an Arbechtslagern,an de Concentrations-lagern,an de Prisongen,an der Verbannong.Sie hun dat treit letzeburger Vollek,dem Gauleiter sengen Henkern aussgeliewert.

Mir lossen ons d'Gelégenhét net entgo'en,des Ké'er mat dém Krôm opzeraumen,sollen dat dé selvegt sin,dé d'Land schlecht servé'ert oder verôden hun,op den Hâptposte setzen an op der Ehrentribune,wann ons Grossherzogin erem durech d'Land zébt,während Dir op der Seit stidd a grad gud genug ward,fir a schwé'ere Momenter de Preisen de Kapp ze hâlen an d'Land auss der Schân ze retten.

Nén d'Vollek erwârt mat Recht dat mat all dénen définitiv ofgerechnet get.-- Fir sie all.-- " Die strenge aber gerechte Strafe."

//::::::-----------::::::----------::::://

Letzeburger,all onse Misére huet an der eschter d'Zeit en Enn, da muss alles op d'Bén gesât gin fir dé knaschteg Kréaturen vu,Spitzelen a Gestapomänner nidder ze knâlen. Dé méscht sin Eech bekannt,do sin aner, hir Nimm werde mir Eech mat der d'Zeit mat délen,mat hinnen all,nemme ké Pardon.

Elo wuô hinnen de Wappes géht,sin sie mé gefe'erlech wi jé, duerfir,macht keng Dommhéten à verlé'ert eer Nerven net.Opgepasst,iwerlét Eech alles wat dir mât,dat mannst ka villen d'Liewen kaschten,duerfir sed virsechteg mé ewi jé.

:::::::::::::::::::::::::::::::::::::::

Leschte preisssche Comminiqué, " Es ist dem Feind nicht gelungen zu verhindern uns zuruck zu ziehen " dat sin hautesdags hir Siegen,an dat ass allerlei.

---

Wént papeirmangel,kann d'Lëscht vu onsen déporté'erten Familjen net mé erschengen,a sie ass och ze gro'ss.

---

An onser nächster nummer schreiwe mir é puer Wuert,iwer e puer letzeburger,dé zu Pareis wunnen,d'Hären vun der V.D.B.a Frankreich.

---

Liesst a verbréd de Freie Letzeburger
mé wi jé.

:::::::::::::::::::::::::::::::::::::::

Ons Bréf'kescht an der nächster Nummer.

Onse Jongen hirt Gebied am Maquis.
:::::::::

O.MUTTERGOTTES vum Maquis,

Denk un ons,verloss ons net.

Halt eweg vun onsem Besch,

all Preiss an all Gestapo.

Weiss ass ons Armée,weiss sin ons Sél.

O.MUTTERGOTTES vum Maquis.

Halt eweg vun ons,

all Krankhét an all Do'dsgefohr,

Versuergt ons fir alle schlechte Rét.

Eer Jongen dé bieden Eech.

O.MUTTERGOTTES vum Maquis.

Gid ons z'iessen an ze drenken,

Deck ons zô à kahler Nuecht.

Behalt ons trei,ons Frâ,ons Léw,

Beschutz ons Eltern,ons Familjen,

Behalt ons prét vir aller Do'd,

Begléd ons zereck an d'Hémechtsland;

A nôm Krich,mir schwieren Eech,

Mir kommen erem,a bauen eng Kapelle.

Vu Holz gebaut,mé dach vun Hierze gér.

O.MUTTERGOTTES vum Maquis,

Mir bieden Eech,
Verlosst Eer Jongen net.

Belgian War Press